

# Ännerungen am Pensiounsregimm



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé  
et de la Sécurité sociale

SCHWÄTZMAT.lu

ab 1. Januar 2026



## Erhéijung vum Kotisatiounstaux

1. Januar 2026

24% → **25,5%**

De Kotisatiounstaux klëmmt den  
1. Januar 2026 vu 24 % op 25,5 %.  
All Partie bedeelegt sech an  
d'Upassung gëllt bis 2032.

Salarié-e

8,5%  
ECH

8,5%  
MÄIN  
EMPLOYEUR

8,5%  
STAAT

Fräiberuffler-in

17%  
ECH

8,5%  
STAAT

Ëffentlechen  
Déngscht

8,5%  
ECH

17%  
STAATS-  
BUDGET

gëllt bis 2032



## Progressiv Pensioun

legale  
Pensiounsalter


**65**  
JOER

Duerch d'progressiv Pensioun kann een  
no 40 Joer Versécherungscarrière weider  
an Deelzäit schaffen a gläichzäiteg en  
Deel vu senger Pensioun ausbezuelt  
kréien – mam Accord vum Employeur.  
Esou kann een am Alter manner schaffen  
a seng Versécherungscarrière weider  
opwäerten.



**40 Joer**

Versécherungscarrière



Loun



Pensioun

# Ännerungen am Pensiounsregimm



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Santé  
et de la Sécurité sociale


ab 1. Januar 2026

SCHWÄTZMAT.lu



## Flexibel Unerkennung vun de Studiejoer

1. Januar 2026



Wéi bis elo kënnen ab 18 Joer bis zu 9 Studiejoer ugerechent ginn. D'Altersgrenz vu 27 Joer fält vum 1. Januar 2026 ewech.



## Erhéijung vun der Versécherungscarrière fir virzäiteg an d'Pensioun ze goen

Juli 2026

2027

2028

2029

2030

+1

Méint

+2

Méint

+4

Méint

+6

Méint

+8

Méint



Déi 40 Joer Versécherungscarrière, déi ee brauch fir mat 60 Joer virzäiteg an d'Pensioun ze goen, ginn ab 2026 bis 2030 schrëttweis em 8 Méint erop.



### Net betraff sinn:



Virzäiteg Pensioun mat 57 Joer no mindestens 40 obligatoresche Cotisationsjoer



Virzäiteg Pensioun fir Schicht- oder Nuetsaarbecht a préretraite-ajustement



Leit, déi mat 65 Joer an d'Pensioun ginn



Leit, déi schonn eng Pensioun kréien